

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2021

Avis vun der Conférence nationale des élèves du Luxembourg

D'CNEL huet ewéi vill GSO Klassen am Land mat Iwwerraschung festgestallt dass een an de GSO Klassen an de Haaptfächer Connaissance du monde contemporain a Psychologie-Communication a Zukunft net méi op däitsch oder franséisch äntweren dierf, wéi et säit Quatrième un fir d'Schüler üblech war. Dëse Choix soll ab der Rentrée 2021/2022 de Schüler ewechfalen an et dierf een nëmmen nach op franséisch äntweren.


D'CNEL ass der Meenung dass de Choix vun der Sprooch an dëse Fächer bléiwe soll, well d'Wëssen an dëse Fächer näischt mat der Sprooch ze dinn huet an esou wéi et bäigehale gouf an de Fächer Pedagogie oder Sociologie, soll een sech an deier Sprooch ausdrécken, déi engem am Beschte léit.

Wann een sech an enger Sprooch net gutt ausdrécke kann huet dat Auswierkungen ob d'Notte vun de Schüler. Wann ee méi schwach/staark an enger Sprooch ass, huet een et méi schwéier/méi liicht säi Wëssen op Pabeier ze bréngen, an dëst kann en groussen Ënnerscheed an de Punkte vum Schüler ausmaachen, zumolst wann een déi lëscht Joren ëmmer de Choix vun der Sprooch hat.

D'CNEL fuerdert also:

- D'Fach Connaissance du monde contemporain a Psychologie-Communication soll weiderhin ob Franséisch ënnerriicht ginn
- D'Schüler vun de GSO Klasse solle weiderhi Sprooch benotze kennen déi hinnen am Beschte léie fir d'Prüfungen am concernéierte Fach
- An deem Fall wou de Ministère de Changement well maachen, fuerdert d'CNEL dee Changement nächst Joer ob 4ième anzeféieren an déi méi héisch Klassen déi nach am zwee Sprooch System dra sinn, hinnen de Choix bis op Première ze loossen an dëst och nach am Premièresexamen.

Der CNEL ass et wichteg de Schüler elo keng weider Steng an hire schoulesche Wee ze geheien an esou och Chancëgläichheet fir d'Schüler ze garantéieren.



Kimon Leners
President CNEL